

EUROPAPARLAMENT Copyright-Reform ouni Ännerungen ugeholl

Vum Tim Morizet (Radio) | Update: 15.04.2019 10:33



De Copyright assuriert Autoren, Artisten, Realisateuren a vill aner Kreativer. Iwwer 7 Milliounen Aarbechtsplazen an der Unoun sinn doranner gebonnen.

Aoch de kontroversen Artikel, dee Plattformen wéi Youtube betrëfft, huet eng Majoritéit zu Stroosberg fonnt.

D'Lëtzebuerger Europadeputéiert häre gesot, si géife géint d'Reform stemmen, wat si och gemach hunn. An awer gouf déi érnstriede Reform mat 348 zu 274 Stëmme ugeholl.



De Copyright assuriert Autoren, Artisten, Realisateuren a vill aner Kreativer. Iwwer 7 Milliounen Aarbechtsplazen an der Unoun sinn doranner gebonnen.

Et hätt een eng grouss Chance verpasst, esou d'Europa Deputéiert Tilly Metz, „Also eng Reform war néideg, mais den Artikel 13, elo 17, wat Upload-Filteren ueget, dat ass kontra-produktiv fir d'„Liberté d'expression“. An dat ass awer schued. An do ass eben elo verpasst ginn, dann een do nach eppes hält kënten änneren, wann ee dann déi Amendementer hält kënten stemmen.“

5 Stëmme an engem fréizäitege Vott hu gefeelt, fir dës Amendementer frësch ze diskutéieren.

Fir de Bierger géif dat elo praktesch heeschen, dat manner Choix u Plattformen do ass, fir säi kreative Contenu ze deelen. Wat och heescht, dat manner Matière fir den Notzer do ass, fir ze kucken, liesen oder ze lauschteren. Kleng Entreprisë géifen dem Europa-Deputéierten Christophe Hansen no och Steng an de Wee geluecht kréien.

„Kleng Plattformen, déi mussen 3 Konditiounen erfëllen. Dat heescht, dat se op d'mannst manner wéi 3 Joer existéieren. Manner ewéi 10 Milliounen Ennsaz am Joer maachen a manner ewéi 5 Milliounen Ogriff den Mount hunn. Dat ass natterlech ganz restriktiv, wann een och bedenkt, dat esou Plattformen och méi Zäit brauchen, fir eng Kléier grouss ze ginn.“

Well d'Parlament d'Proposen ouni Ännerungen ugeholl huet, kéint déi nei Richtlinn nach virun den Europawalen a Kraaft trieden, eréischt da gesäit een, wéi déi nei Copyright-Direktiv den Internet verännert. Innerhalb vun den nächsten 2 Joer soll Direktiv dann an d'nationale Recht émgaset ginn.

Ob et effektiv zu Restriktiounen fir de Bierger këmmt, wéinst een awer eréischt an e puer Joer. Vill Léit an der kreativer Industrie solle jo och vun den neie Mesurë profitéieren.

Nom Accord vun Europaparlament iwwer d'Reform vun Copyright läit de Ball elo nees bei den EU-Länner. Si mussen nach emol iwwert die Kompromiss ofstëmme. Als mëglichen Datum fir de Vott géift den 9. Abrëll genannt. Sollen d'EU-Staaten op en Netts hiren Accord ginn, hätte se ronn zwee Joer Zäit, déi nei Regeleng an d'nationale Recht émssetzen.

Fir géint de Vott vun en Dënschdeg ze protestéieren, hunn déi jonk Piraten fir e Mëtwoch zu enger spontaner Demonstration op der Ploes offeréiert. Wéi et an engem Communiqué heescht, wéi den den Deputéierten weisen, dass een net mat der Entschëddung d'Accord ass an Decision komplett ondemokratesch getraff gouf. Den Optakt vun der Manif ass de Mëtwoch den Owend um 18 Auer virun der Chamber.

Reaktioun Chaos Computer Club Lëtzebuerg

Ee schwarzen Dag fir Europa, nennt de Chaos Computer Club Lëtzebuerg den Dag vu gëschter, wou am Europaparlament d'Copyright-Reform gestëmmt gouf. RIP Fräien Internet, soe si.

D'Reform wär schlecht durchgeduecht an hält massiv negativ Konsequenzen, dat géif een awer eréischt an e puer Meiné, spëtstens an zwee Joer ze spiere kréien. Den Internet, sou wéi een haut këmm, géif verschwannen.

Eng lescht Chance géif et nach ginn, meent de Chaos Computer Club, den 9. Abrëll misst den europäesche Conseil géint d'Direktiv stemmen.

En wat goung et?

Vun villen am Europa-Parlament koum d'Kritik, dass Maschinnen an Algorithmen net iwwer Meinungsfähigkeit a Contenu kënnen decidéieren. De Risk, dat och legal Produkter beim Eroploaden op verschidde Plattformen erausgefiltert ginn, wäert ze grouss.

Ma den Axel Voss, Rapporteur vun der Reform, féint dës Aussoen exaggeréiert a verteidiget déi nei Copyright-Reform. Et géif ee kee Rideau vun d'Meenungsfähigkeit zéien.

„Mit dieser Reform wird es keine Zensur geben. Mit dieser Reform wird die rechtmäßige Meinungsfreiheit eben nicht eingeschränkt. Mit dieser Reform schaffen wir Rechtmäßigkeit für den rechtmäßigen Umgang mit urheberrechtlich geschützten Werken. Und bieten viel mehr Möglichkeiten für die einzelnen Nutzer, Bürgerinnen und Bürger. Google, Facebook, YouTube machen hier eine „Governance by Shitstorm“. Sie verbreiten Des-informationen und setzen viel Geld ein, um die öffentliche Meinung zu erschleichen.“

Se géife weisen, wéi einfach et ass, Meinungen ze manipuléieren. Et géing em d'Recht vun kreativem Eegentum an dohären Entreprisë wéi Facebook, Google oder YouTube ze bremsen, déi Milliarde verdinge mat Contenu vun anere Leit.

Hei d'Schreiwes vun der grénger Europadeputéiert Tilly Metz

Die Mehrheit der Abgeordneten hat soeben gegen das freie Internet gestimmt und ignoriert die Sorgen und Proteste von Hunderttausenden von Menschen, die am Samstag in ganz Europa für das freie Internet demonstriert hatten.

Die grüne Europaabgeordnete Tilly Metz kommentiert das Abstimmungsergebnis:

„Der EVP-Berichterstatter Axel Voss und die Mehrheit der EU-Abgeordneten haben heute die Chance vergeben, der Europäischen Union ein modernes Urheberrecht zu geben. Die heute angenommene Einigung ist schief für Künstler, Autoren und kleine Verlage und schlecht für die Internetnutzer. Das neue Urheberrecht gefährdet die freie Meinungsäußerung im Internet, denn technisch einwandfreie Uploadfilter gibt es nicht. Algorithmen können nicht unterscheiden und werfen Urheberrechtsverletzungen und legale Weiterverwendung zu Parodiezwecken in einen Topf.“

D'Schreiwes vun der sozialistescher Europadeputéiert Mady Delvaux-Stehres

Je désapprouve l'issue du vote qui a eu lieu aujourd'hui en plénière sur la réforme du droit d'auteur validant l'accord toulé en trilogue (348 voix pour 274 contre et 36 abstentions). Le Luxembourg fait partie des cinq pays à s'être opposé au texte au Conseil et je me joins à cette opposition.

Cette procédure est dans son ensemble regrettable : Du lobbying féroce et des partis pris clivants incapables de se mettre d'accord avec pour résultat un texte flou qui laisse beaucoup de travail d'interprétation aux juges.

Sur le contenu, je rappelle que je partage le but de la proposition : faire payer les GAFAs et grandes plateformes pour assurer une juste rémunération des auteurs. Malheureusement, les mesures proposées pour parvenir à ce résultat sont inefficaces puisque les compromis ne font peser aucune obligation de moyen ni de résultat sur les plateformes et sont dangereuses pour la liberté d'expression et la pluralité de la presse.

Le compromis de l'article 13 nouvellement article 17 dont le but de la Commission était de rendre les plateformes internet (l'exemple type étant Youtube) totalement responsables du contenu mis en ligne par les utilisateurs est mauvais. Sa mise en œuvre implique toujours un filtrage du contenu pouvant porter atteinte à la liberté d'expression. Les exceptions mises en place pour répondre à nos inquiétudes ne fonctionnent pas: Les critères pour limiter la responsabilité des petites entreprises qui n'auraient pas la capacité d'instaurer ces filtres sont bien trop restrictifs et la souplesse accordée pour permettre la diffusion de parodies, citations et critiques ne pourra être appliquée par des algorithmes bien en mal de reconnaître le sens de l'humour.

Le compromis de l'article 11 nouvellement article 15 concernant la création d'un droit voisin pour les éditeurs de presse n'aura pas pour conséquence de rémunérer mieux les journalistes. Le but est d'obliger les plateformes telles que Google à payer les éditeurs de presse mais rien dans le texte n'oblige à verser l'argent aux auteurs. De plus, la solution a été tentée sans résultat en Allemagne et en Espagne: Non seulement cela n'a pas permis une plus juste rémunération des auteurs, mais cela a porté atteinte aux plus petits éditeurs, au pluralisme des médias et à la liberté d'information.

Ma seule satisfaction concerne le compromis de l'article 3 qui améliore nettement le texte voté au Parlement en septembre 2018 en permettant la fouille de textes et de données (Text and Data mining) à des fins de recherches.

- Links
- PDF: Schreiwes vun de Piraten
- De Communiqué vum Chaos Computer Club
- AUDIO: Copyright-Reform/Reportage Tim Morizet

COMMENTAIRES

Schreift en nele Commentaire

- Dem Datum no sortéieren
vunhelando - 27.03.2019 15:19
Leider as d'Reform durchgewor'n gin, opwaer et jo virdu'n ganz berechtigten Widerstand gouf. Schon haut sin Texter, Video, Audio, etc... jo schon haut an berechtigter weis duerch Copyright geschützt, mee dat geet verschiddeenen net duer.
Waart mech um meeschten hei runner steiert, as folgendes:
1) as den on demokratischen Prozess (Vollek gouf guer net gelauschert an als bot/google Fienn ofgestemmpelt), et gouf probéiert Oofstimmung no fir ze reckelen virun den Protester, Medien/Press hun aktiv Politiker ugeschwaht dass se un Wahl denken sollen an wien iwwer sie schreift, bzw den Herr Voss Zeitungen offeréiert pro Copyright ze berichten), an géint all Bedenken dann einfach durchgewor'n. Ech mengen dass do nach eng kleng Iwwerraschung bei den nächsten EU Wahlen weert kommen.
2) dass et Keng Direktiv wei den GDPR as, mee dass all Land hier eegen Gesetzer weert schreiwien mat eegenen Regeln, sou dass et hanna mega komplizéiert get. Wei eng Legislatioun fällt dann un, wann zb den Artist an Frankreich setzt, aver den Video an Spanien produziéiert gouf, d'Plattform an Deutschland as, an den letzb User an senger Vakanz an Portugal drop zougreif? Sou vill zu engem Marché an Europa.
3) dass et bewost konfus gehaalen get (zb kleinste Textabschnitte, et kommen keng Upload filter, etc...), sou dass dei, dei innovativ sin emmer mussen Ansicht hun, dass een se verkleot.
Den Impakt as elo folgender:
- Artikel 3 : Et kann een keen machine learning mei mat Daten maan wou en Copyright drop as, ausser an der Recherche oder wann een eng Explizit Authorisatioun huet. Zeitgleich wellen se dann an Europa dass se wellen Milliarden an Machine Learning investéieren.
- Artikel 17: Wann en Pianist zb haut Bach spiltt (waat jo net mei ennt dem Copyright fällt) an et ophëllt, dann as seng Performance geschützt. Wei soll eng Maschin dat auseneem haalen wann dat mol net en Mensch kann. Ech sin gespaunt wei youtube dat leisen weert, weil se jo elo potentiell fir all Video dann haftbar sin wou se net erkannt hun dass en Copyright drop as. Dat zwelchesch as natürlich dann och bei aneren Plattformen, zb wann ech hei en Text giff schreiwien deen geschützt as, dann as RTL och dofir haftbar ;) .
- Artikel 15: link tax. Gouf schon an Deutschland agefuert mat der Konsequenz dass Google gratis Lizenzen kritit hutt, an dei aner Firmen missen bezuelen oder hieren Service astellen. Absurd dass elo keen (och keen BLOG wann do Werbung drop as) mei deorf en Snippet oder en Titel verewenden fir op eng News Source ze verlinken (woubel een mol net wees op eng Internet Seit enner Presse fällt oder net).
Et brauch sech dann ze willeen wann dann Europa oofgehaan get an der Technology branche vis a vis vun aneren Länner well hei villen verbuenden as waat an aneren Länner erlaabt as. Och weert et Monopolisten stärken an kleng innovativ Firmen futti maan. Fir dei Leit dei an desen Branchen schaffen, as et besser eng Firma am Ausland opzemaan wei hei an Europa, well et weert keen an Amerika verkleot gin deen op Europäesch Daten zougreift oder dei verewnd.
Mellen Antwerpen
Lmtxs - 27.03.2019 12:34
Moi emol ofgesinn vun Youtube... Wéi géif dann eng Plattform fier onbekanntem Musiker funktionnéieren? (mei wie 3 Joer aal, mei wie x Millionen User Europawéit, sou dass se néit mei ennt d'Ausnahmen fällt) Soe mir sie géifen explizit keng Musiker ophuelen die bei enger Gema, Scam etc Member sijn. Die lueden en Video/Lied erop an seent behaupten ienemschreiwien sie waeren d'Autoren. Wie soll d'Platform kontrolléieren... dass net awer iergend een aneren op der Welt den Autour ass? Daat geht logesch gesinn net - daat entstreckéiert quasi der Onméglickeet vun engem Gottesbeweis. An elo kéint dann daat Perverst un der Reform: den eenzegen Schutz, deen sou eng Platform huet, ass eng generell Lizenz bei Sacem&Friends ze kaafen - OBWUEL se un séch keng Wierker vun deenen hieren Membren wéll. D'Wertungsgesellschaften waerten also Suen verdingen an un hier Membren verdeelen, fier Wierker die net vun hieren Membren sinn.
Mellen Antwerpen
RoSa - 27.03.2019 10:52
Wat hu mir Problemer. Anstatt sech em den Honger, d'knaschegt Waasser, Krankheeten, Hygiene etc an der Welt ze këmmere, zerklappen mir eis léiwier, wat en dann elo an enger virtueller Welt darf oder néit. Gott sei Dank schengnt d'Natur, an der der Form vom Klima, dem Mësch ze weisen, op wat fir engem Holzwee hien sech befëhrt. Leider emerstréicht dat do just meng schon 20 Joer iaang Befierchtung, dass de Mësch sech no an no aus enger Realwelt eraus zitt an mengt, dat eenzeegt Wichtigst géif just nach am "Netz" lafen.
Mellen Antwerpen
Rumpelheinschen - 27.03.2019 10:41
Dëss EU wäer nach emmer, ass en bieweit eng könschtlich ondemokratesches Konstruktioun , déi muss ofgeschafft gin .
Mellen Antwerpen
Dora05 - 27.03.2019 09:46
Welkommen an China,mir brauchen neischt mei iwert der zesoer,mir sin net besser !
Mellen Antwerpen
Phonebitchh - 27.03.2019 09:04
Ech war ansehen net fir den Brexit mais den Zirkus hei an England ass elo domadder iwertraff gin.
Mellen Antwerpen
Herr_Jeh - 27.03.2019 08:52
Leschten Samsden waren a ganz Europa Manifen geint des Copyright Reform, besonnersch geint den "famelsen" Artikel 13.
och hei zu Lëtzebuerg hu sech (hemmen) ca. 100 Leit zusumme fonnt fir ze demonstréieren.
https://www.rtl.lu/lifestyle/tech-world/a/1323808.html
Ech froen mech wou dann eis Schüler den Dag wu fir sech fir #saveyourinternet anzesetzen?
Huet sie scheinbar net weider interesseiert - Climate Change schengnt fir sie mei wichtig ze sin.
Vlaich hatt d Joffer Greta sollen firdrun en Appel maachen :-:)
Mellen Antwerpen
Netschlecht00 - 26.03.2019 17:51
Dat ganzt ass awer nëmmen mat all déi schlemm Saachen déi an deser Welt geschéien. Politiker mussen awer och eppes dogéint maachen !
Mellen Antwerpen
huecoco - 26.03.2019 16:33
Dei 348 dei dofir gestemmt hun , sin warscheinlich dei di elo schons wessen datt se net mei zereckgeiwelt gin
Och esou eng Eer kann een leen
Mellen Antwerpen
FANISO - 26.03.2019 15:50
Dat kenne mir jo schon alles, d'Meenung vun den Leit hunn d'Herrschaften op hierem heichen Ross nach nie interesseiert. Traueg Wourecht ☹️
Mellen Antwerpen

Login Fir Commentairen ze schreiwien, musst Dir agelogg't sinn

WEIDER NEWS

Grid of news articles with video thumbnails and titles. Topics include: Manifieste Katalanen, 5 Wochen an den Europawalen, Brüssel nominéiert, Forum Gesseskrippchen, Rainleechteeren a Chef-Procureur, 50. Anniversaire Eurocontrol, Op en Dënschdeg 11 Auer verloscht, Welt am Sonntag mell, Et geet virun am Dossier "Parquet Europeen", An den nächste Jore komme, Verhandlung ëm d'Besetzung vun den EU-Spëtzeposte, An den nächste Jore komme, An den nächste Jore komme, An den nächste Jore komme, An den nächste Jore komme, An den nächste Jore komme.

Uewenhi sprangen

Footer with RTL logo, newsletter sign-up, IPDIGITAL logo, navigation menu (News, Meinung, Mobilité, Lifestyle, Kultur, Sport, Gaming, Fotoen, Meteo, Info, Live, Radio), and social media icons.